N°2293
Entrée le 22.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre du Travail, Georges Mischo, à la question parlementaire n°2293 du 8 mai 2025 de Monsieur le député Dan Biancalana et de Monsieur le député Mars Di Bartolomeo au sujet de l'« avenir de Liberty Steel à Dudelange »**

***Fro N°1: Wat sinn d'Grënn vum Retrait vum potentielle Keefer?***

Den Aarbechtsminister an de Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus sinn de 6. Mee vum Mëtt Februar 2025 vum Curateur zeréckbehalene potentielle Keefer doriwwer informéiert ginn, datt hien de Prozess vun der Reprise aus follgendem Grond definitiv stoppe géif:

De potentielle Keefer hat geplangt, de Stol deen en zu Lëtzebuerg verschaffe wollt, iwwert seng Stolwierker an der Türkei an an Algerien ze kréien. De potentielle Repreneur wollt also haaptsächlech op Stol zréckgräifen deen intern am eegene Grupp produzéiert gëtt. Wärend sengem „due diligence" Prozess hätt de potentielle Keefer awer festgestallt, datt substanziell Stol-Importer néideg sinn an datt säin Zenario duerch déi rezent adaptéiert europäesch Mesures de sauvegarde am Beräich vum Import vu Stol aus EU-Drëttlänner net méi géif vollëmfänglech opgoen.

Et sief bemierkt, datt déi aktuell Mesures de sauvegarde Enn Juni 2026 auslafen.

***Fro N°2: Wat sin no dëser Annonce an an der aktueller Prozedur déi nächst virgesinne Schrëtt vum Curateur an der Regierung?***

De Curateur ass aktuell amgaangen sech e Bild vun der Situatioun ze maachen. Wat déi nächst Schrëtt vum Curateur wäerte sinn ass deemno nach net gewosst. De Curateur huet seng eege Responsabilitéiten ze droen a senger Roll fir d'Creanciere vun der Faillite zefridden ze stellen.

D'Servicer vum Aarbechtsministère a vun der ADEM bleiwe mobiliséiert fir de fréiere Salariéë vu Liberty Steel ze hëllefen eng nei Aarbecht ze fannen an hinnen de Kontakt mat neie potentielle Patronen ze erméiglechen. D'Ministere bleiwe weiderhi mat de Sozialpartner a Kontakt.

***Fro N°3: Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir dee Betrib, deen virun, dem vun der EU-Kommissioun veruerdnete Verkaf profitabel war, dach nach ze retten?***

Wéi schonn ënnerstrach, ass et um Curateur fir ënnert dem Kontroll vun engem Juge-Commissaire elo iwwert d'Suiten ze decidéieren, am Kader vun dëser Faillite.

***Fro N°4: Wat geschitt mam Diddelenger Wierk a mat de concernéierte Mataarbechter wann definitiv keng Reprise stattfanne kann?***

Wat d'Zukunft vum Wierk ugeet sief op d'Äntwerten op d'Froen 2 an 3 verwisen. Zanter der Faillite am November 2024 sinn déi betraffe Leit ouni Aarbechtskontrakt. Wann keng Reprise stattfanne sollt, ännert sech un där Situatioun vun de Leit näischt. Si sinn, sollten se nach keng nei Aarbecht fonnt hunn, fir den Aarbechtsmarché disponibel.

D'Servicer vum Aarbechtsministère a vun der ADEM bleiwe wéi gesot fir déi fréier Salariéë vu Liberty Steel disponibel fir ze hëllefen eng nei Aarbecht ze fannen an hinnen de Kontakt mat neie potentielle Patronen ze vereinfachen.

***Fro N°5: Wéi gedenkt d'Regierung ze verhënneren, datt traditionell Industriestanduerter weider geschwächt ginn?***

D'Servicer vum Wirtschaftsministère sinn a reegelméissegem Austausch mat de Lëtzebuerger Industriebetriber fir Innovatiounen an Investissementer ze incitéieren. Eng ganz Rëtsch vun Instrumenter stinn zur Verfügung fir d'Betriber am Sënn vun der duebeler – digitaler an energeetescher – Transitioun ze begleeden. Ausserdeem gëtt och de Kontakt mat de Mammenhaiser, déi oft am Ausland sinn, gesicht fir déi Lëtzebuerger Interessien ze verdeedegen an d'Virdeeler vum Standuert Lëtzebuerg ze explizéieren.

***Fro N°6: Wär eng weider Schléissung net am flagrante Widdersproch zu de Pläng vun der EU fir hier Industrie erëm ze stäerken?***

D'Regierung géif eng definitiv Schléissung bedaueren, zumools well an de leschte Jore vill intensiv Gespréicher mat alle bedeelegten Acteure gefouert gi sinn, fir d'Aktivitéiten um Site zu Diddeleng weiderzeféieren. Et sief hei drun erënnert, datt d'Regierung scho beim Verkaf vun de Wierker vun ArcelorMittal Dudelange u Liberty Steel bei der EU Kommissioun intervenéiert hat fir dëse Verkaf ze verhënneren. Eng Schléissung vum Wierk wär deemno och e Verloscht fir déi europäesch Stolindustrie.

Luxembourg, le 21/05/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles